LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Plan de développement de l'établissement scolaire

Cycle: 2021-2024

Formulaire pour la phase d'approbation

pds
Plan de développement
de l'établissement scolaire
Enseignement fondamental

Nom de l'école

Ecole de la Commune de Stadtbredimus

Formulaire pour la phase d'approbation du PDS

Appréciation générale du bilan du précédent PDS

- Austausch *funktionéiert an ass hëllefräich -> bäibehalen / ausbauen, besonnesch C2-C3*

- Fortbildunge *goufe gemaach*

- den IEBS als Beroder an Expert *funktionéiert gutt -> bäibehalen*

- opmierksam ginn fir Stäerkte vun de Kanner -> *Usätz sinn do / ausbauen*

- nei Technologien *fir besser a mi einfach ze differenzéieren -> deelweis, an der Entwécklung*

- zu 2 an der Klass *sinn ass hëllefräich -> bäibehalen / bewosst notzen*

Etat des lieux

Dates clés

Approbation en plénière
17/06/2021

Avis du directeur de région
21/06/2021

Avis des représentants des parents d'élèves
21/06/2021

Avis de la commission scolaire
26/06/2021

Constats sur la situation actuelle par domaine

Amélioration de la qualité de l'enseignement (*)

Mir kréien eisen Unterrecht an de Klasse gutt gestalt.

Fir eng Kontinuitéit vun de Kanner hirem Léiere vu Cycle zu Cycle ze erméiglechen, géifen eis weider Informatiounen an Erfarungen hëllefen.

cf. Dokument 'Annexe Ëmfro', och fir all di aner Beräicher vun eise 'Constats'

Collaboration avec les parents d'élève (*)

D'Kommunikatioun mat den Eltere leeft am Allgemenge gutt.

Den Iwwergang vun engem Cycle an deen nächste gëtt deelweis als schwiereg empfonnt, besonnesch den Iwwergang tëscht eisen zwee Schoulgebaier an hiren deels ënnerschiddleche Systemer.

Collaboration école-maison relais (*)

Mir hunn e gutt Verhältnis zu de KollegInnen aus der SEA an hu genuch Kontakt mat hinne fir e koherent Encadrement vun de Kanner ze erméiglechen.

Punktuell schaffe Cyclen resp. Klasse mat der SEA zesummen.

Encadrement des EBS (*)

Mam Encadrement vun eise Kanner mat 'Besoins spécifiques' si mir just deelweis zefridden.

Mir bräichte méi IEBS, méi Fachpersonal, méi Kloerheet an den administrativen Demarchen an deelweis spezifesch Formatiounen.

Intégration des TIC (*)

Eisen C1 kritt esou mat den TIC geschafft, wéi et néideg ass.
Am C2-4 feelt et um néidegen Equipement an un enger Internetverbindung, déi zouverlässeg funktionéiert (Greiweldeng).
D'Gemeng ass am gaangen d'Equipementer opzestocken. Éischt Gespréicher fir eng stabil Internetverbindung ze schafen, lafe mat der Gemeng an an Zesummenaarbecht mat eisem ICN.

Organisation de l'appui pédagogique (*)

Mam Resultat vun eisem Appui pédagogique si mir just deelweis zefridden.

Bien-être à l’école

Mir fillen eis wuel an eiser Schoul an hunn e gutt Aarbechtsklima.

Mir hunn e gutt Verhältnis zu de Schoulkanner, den Elteren an de KollegInnen aus eiser ganzer Schoul.

Communication

Mir fanne géigesäiteg Berodung an Hëllef beieneen.

Mir hunn e grousse Besoin fir méi Kontakt tëscht eisen zwee Schoulgebaier opzebauen.

Conclusions (forces, faiblesses, opportunités…) issues des constats réalisés

Forces:

Mir gi gutt mateneen eens an hëllefen eis géigesäiteg.

Mir hunn e gutt Verhältnis zu deenen aneren Acteure vum Schoulbetrib.

Faiblesses:

Mir géife gär eng besser Kommunikatioun tëscht deenen zwee Gebaier opbauen.

Mir hunn den Androck, dass et eis un Zäit resp. Personal feelt fir besser kënnen ze differenzéieren.

Important / Opportunités / Risques:

Säit laangem besti Schwieregkeete mam Internet am Gebai zu Greiweldeng. Éischt Gespréicher lafen, fir no Léisunge fir dës technesch Problemer ze sichen.

Beim Ausbauprojet vun der Greiweldenger Schoul muss zur Zäit dru geduecht ginn fir d'Léierpersonal mat an d'Planung anzebezéien - si wëssen am beschten, wat d'Besoinen an engem Schoulgebai sinn.

Mat enger héijer Kannerzuel am Precoce kënne mir deenen eenzelne Kanner kee Vollzäitprecoce ubidden. Si mussen dann op ze vill verschiddene Plaze versuergt ginn.

Dass mir deelweis ganz kleng an deelweis ganz grouss Klasseneffektiver hunn, ass eng grouss Erausfuerderung fir eis Schoulorganisatioun.

Pistes prioritaires dégagées pour le développement scolaire

Encadrement vun de Kanner mat Besoins spécifiques:
Zousätzlech zum IEBS gouf eiser Schoul eng Educatrice vun der ESEB zur Säit gestallt. Doduercher gëtt eng enk Zesummenaarbecht am Alldag méiglech. Dës zousätzlech Ressource ass eng Chance fir zesummen d'Encadrement vun de Kanner ze verbesseren.

Gemeinsam Formatiounen:
Schoulintern Formatiounen hëllefen, dass mir am geziilten Austausch matenee bleiwen an eventuell gemeinsam Linnen entdecken.

Infrastruktur vun den TIC:
Materiell gouf a gëtt eis Schoul weider opgestockt. Den Internet muss verbessert ginn.

Kommunikatioun mat den Elteren:
Vun den Eltere gëtt méi Kloerheet bei de Reegelen, de Lernziler, de Methoden an der Evaluatioun an deene verschiddene Cycle gewënscht.

Kommunikatioun tëscht de Cyclen:
Mir wëllen e besseren Austausch fir méi Kontinuitéit fir d'Kanner ze erméiglechen. Mir wëllen eis géigesäiteg inspiréieren a vunenee léieren.

Zesummenaarbecht am Cycle:
Mir wëllen eisen Appui pédagogique méi zefriddestellend organiséieren. Mir wëllen eis Erwaardungen un d'Kanner diskutéieren an upassen. Mir wëllen eis géigesäiteg inspiréieren a vunenee léieren.

Priorités retenues pour le PDS

Kommunikatioun tëscht de Cyclen

Zesummenaarbecht am Cycle

Kommunikatioun mat den Elteren

Gemeinsam Formatiounen

Planification PDS

Objectif(s) PDS et grandes lignes de réalisation

Mir fërderen an eiser Schoul den Austausch an d'Zesummenaarbecht tëscht dem Léierpersonal fir méi Kontinuitéit fir d'Kanner ze erméiglechen.:

Ënnerzil 1:
Mir wëllen eis Praxis an de Beräicher vun den Inhalter, der Methodik, den Unterrechtsmaterialien, der Evaluatioun an den Erwaardungen un d'SchülerInne géigesäiteg transparent maachen, esouwuel an de Cyclen ewéi och tëschent de Cyclen.

- Mir wëllen an de Cycle-Equippen eis Erwaardungen un d'Kanner reegelméisseg diskutéieren an upassen.

- Mir wëlle vunenee léieren an Erfarungen austauschen an dobäi oppen Dieren hunn, fir eis géigesäiteg en Abléck an eis alldeeglech Aarbecht ze erméiglechen.

- Mir wëllen eis 1-2mol pro Trimester an Intercycle-Versammlungen iwwer d'SchülerInnen austauschen (Progressioun, spezifesch Besoinen, Interessen, Stäerkten). Wichteg Theme bei dësem Austausch sinn deemno och de Programm, d'Methodik, d'Material, d'Aktivitéiten an d'Evaluatioun. Besonnesch wichteg ass eis den Austausch tëscht den 2 Gebaier fir den Iwwergang vum C2 an den C3 fir d'SchülerInnen an d'Eltere mi einfach ze gestalten.

- Zousätzlech zu eisen organisatoresche Plenièren, wëlle mir eis reegelméisseg an enger Plenière gesinn fir zesummen iwwer Suergen a Projeten ze schwätzen.

- Mir wëlle schoulintern Formatioune maachen.

Ënnerzil 2:
Mir wëllen d'Zesummenaarbecht tëschent de Klassen an engem Cycle fërderen, esouwuel fir d'Léierpersonal ewéi och fir d'Kanner.

Ënnerzil 3:
Mir wëllen den Elteren méi kloer maachen, wéi am jeeweilege Cycle geschafft an evaluéiert gëtt, a wéi ee Wëssen d'SchülerInnen opbaue musse fir weiderzekommen.

Thèmes & Activités hors PDS

Thèmes et activités à consolider/maintenir au niveau du développement de l'école